N°470
Entrée le 13.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An Däitschland ass rezent annoncéiert ginn, dass et e landeswäite Pilotprojet betreffend dem Asaz vun Elektroautoe bei der däitscher Police gëtt. Heibäi solle wärend engem Joer Vir- an Nodeeler vun den Elektroautoen am Kader vu Policeasätz erschafft ginn. Konkret solle Reechwäit, Luetzäiten, Ufuerderunge bei Asätz an och den noutwennegen Entretien zu alle Joreszäiten Deel vun der Analyse sinn. Dono gëtt dann an engem Bilan iwwert de weideren Asaz vun Elektroautoe bei der däitscher Police decidéiert.

Och zu Lëtzebuerg si säit 5 Joer (Abrëll 2018) Elektroautoen, ënnert anerem vun der Mark Tesla, fir eis Police am Asaz. An enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum honorabelen Deputéierte Sven Clement huet den Här François Bausch, deemolege Minister fir bannenzeg Sécherheet, gesot: „D'Police befënnt sech nach an enger Testphase fir ze analyséiere wéi déi elektresch Mobilitéit sech kann an hiert generellt Konzept vun hirem Fuerpark an a hir Missiounen integréieren. Et sief ze rappeléieren dass och aner elektresch Gefierer Deel vun dësem Pilotprojet sinn."

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill elektresch Gefierer huet déi national Police aktuell an hirem Fuerpark?
2. Wéi huet sech dës Zuel, opgeschlësselt pro Joer, iwwert déi lëscht 5 Joer entwéckelt?
3. Ginn et Diskussiounen dëse Fuerpark och an den nächste Joren ze erweideren? Wéi gesinn d'Pläng hei konkret aus?
4. Ass de vum deemolege Minister fir bannenzeg Sécherheet annoncéierte Pilotprojet ofgeschloss?
    - Falls jo, wat sinn d'Conclusiounen, déi aus dem Projet ervirgaange sinn?
    - Falls nee, wéini gëtt den Asaz vun Elektroautoen an dësem Kader final evaluéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten